Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen



Mir waarden op een...

1. Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saachen allerhand,
fir ze kucke, fir ze schmaachen,
aus dem schéinen Himmelsland!

Bei der Dir, do stinn eis Telleren,
beieneen an enger Rei,
't läit och Hee do fir däin Iesel,
duerfir bréng ons Spillgezei,
't läit och Hee do fir däin Iesel,
duerfir bréng ons Spillgezei!

2. Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saachen allerlee,
mir eng Pëppchen an eng Wéichen,
onsem Charly eng nei Lee!

Dann nach eppes fir de Mëndchen,
domat sinn ech extra frou,
sou e klenge Schock'lasbëndchen
gëff mir Kleeschen heemlech zou,
sou e klenge Schock'lasbëndchen
gëff mir Kleeschen heemlech zou!

3. Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saache, schéin a gutt,
bréng e Päerd mir an eng Gäissel,
wéi dir der am Himmel hutt!

Mat Kamellen, eng kleng Tiitchen,
Äppel, Biren, Hieselnëss;
awer maach och, gudde Kleeschen,
datt s de d'Mamma net vergëss,
awer maach och, gudde Kleeschen,
datt s de d'Mamma net vergëss!

4. Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
lauschter och wat d'Mamm dir seet:
„Maach mer frou meng häerzeg Kanner,
't ass fir mech déi gréisste Freed.

Laang nach looss se Kanner bleiwen,
't ass déi schéinst, déi glécklechst Zäit,
well d'Erënn'rong un déi Stonne
grad wéi Gold um Liewe läit,
well d'Erënn'rong un déi Stonne
grad wéi Gold um Liewe läit!"